Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/10/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gläichheet tëscht Fraen a Männer & Cultes weiderzeleeden.

Den 30. September 2019 huet de lëtzebuergesche Weibëschof an engem RTL-Interview ausgeschloss, dass Fraen an der kathoulescher Kierch kéinte Paschtouer ginn. Hien argumentéiert, dass esou ee Wiessel an der Kierch misst op theologescher Basis a net virum Hannergrond vun der Gläichberechtegung stattfannen.

Esou ëffentlech Aussoe si besuergneserreegend, well hei ee fundamentaalt Prinzip vun eiser Verfassung, nämlech d'Gläichberechtegung tëscht de Geschlechter, dem Kiercheglaawen ënnergeuerdent gëtt.

Esou Aussoe vu groussen Institutiounen, egal ob se an engem reliéisen oder a sos engem Kontext gemaach ginn, förderen net de politesch Wëlle vun der Regierung fir d'Roll vun der Fra an eiser Gesellschaft ze stäerken.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng Positioun vertrëtt d'Madamm Ministesch zu den Aussoen, déi de Weibëschof am RTL-Interview zu de Frae gemaacht huet?

2. Consideréiert d'Madamm Ministesch, dass d'Kierch mat dëser Ausso den Artikel 11 vun eiser Verfassung respektéiert?
   - Falls jo, a wéi engem Sënn?
   - Falls nee, wäert d'Ministesch d'Gespréich mat der Kierchevertrieder sichen?

3. Consideréiert d'Madamm Ministesch, dass d'kathoulesch Kierch d'Fräiheeten an eiser Verfassung misst respektéieren an applizéieren?

4. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass all Geschlecht soll kennen de Paschtouerberuff ausféieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange